

Lescht Statioun

„Déi Zäit, wéi d'Gréidi nach an der Vulle-gaass war, du war nach eppes lass op der Bunn. Haut begéins de jo kee Schwäi méil!“ Vum Usch huet de Charel dat op d'mannst schon zéngmol héieren; ëmmer beim Nicole an ëmmer, wa rieds vun der Eisebunn as. An da's beim Usch all Dag.

Well den Usch an de Charel si pensionéiert, an se sin allebéid, ob wäertes oder sonndes, géint eelef Auer mueres beim Nicole um Staminet. Firwat beim Nicole? 't as ganz einfach déi leschte Wiirfsfra am Quartier, déi nach lëtze-bueresch schwätzt. An dem Nicole säi Fred schafft och op der Bunn. Dee kritt d'Pensioun och an engem gudde Joer, an en huet dem Usch säi Meeschter nach just kannt.

De Charel war keen Eisebunner. 't as och vläicht dofir, datt den Usch sech mat him versteet. De Charel ka verzielen, wat e wëllt – vun de Pensiounen, vun der Politik, vum Fëschgegoen, vun deem leschte Verkéiersaccident um Boulevard d'Avranches oder vun der Verkéiers-situatioun am Allgemengen – an Amen a Jo huet den Usch den Dréi an as nees bei der Bunn.

Am rosendste gët den Usch, wann ee seet, hien hätt als Eisebunner säi Liewe laang souwisou näischt geschafft. Hie weess zwar, datt dat am Geck gemengt as. Hie selwer verzielt all gudde Broutdag, wéi s'op der Nuetschicht, wann näischt gelaf as, d'Zäit doutgeschloen hun; iwwert dat, wat se sech deemools op der Schicht richtig gekacht a giess a wat a wéivill se dobäi gesoff hun; wat alles geklaut gouf, wann zwee Waggonen ënnert dem Oflafbiereg – zoufälleg oder nët - anenee geknuppt sin. Mä so keen eppes géint d'Bunn! Da gët den Toun e puer Kräck méi haart; da kritt den Usch nach méi eng rout Faarf, wéi e schon eng huet; da kuckt d'Nicole op d'Auer, a seet sech: En huet séng zwee Pätt ran, séng 84 Frang leie schon do, e geet lo gläich op d'Zopp.

De Charel war, wéi gesot, ni op der Bunn, mä hie kennt den Usch scho véierzeg Joer; nach vu Bitburg äus. D'Militär, dat as dem Usch säin zweet Thema, mä wann e bis fir d'honnertst verzielt, datt en d'Chance hat, beim Militär de Camions-Führerschäin ze maachen, an en duerno ni méi gebräucht huet, da kënnt en och nees séier vun der Strooss op d'Schinn. Dann huet de Charel keng Chance méi, well dee war nëmme um Büro bei engem Pabeiergrossist. Den Usch huet och eng ganz aner Pensioun wéi hien.

Mä de Charel huet eng gutt Dugend: Hie kann noläuschten; och nach, wann den Usch fir d'zéngt oder fir d'honnertst verzielt, wéi dat war, wéi en an der Kutschebotz ugefaangen huet. De Charel kennt den Usch, séng Geschichten an och séng ganz Familjegeschicht baussewänneg. Heinsdo denkt en, 't misst ee schreiw kënnen, dem Usch séng Gespréicher géifen e ganze Roman, a wann nëmme d'Halschecht dervu wouer as, da géif dat nach ëmmer e ganze Roman. D'Nicole gleeft dat nët; dat seet ëmmer, där wéi den Usch gin et der däusend, wat as dann do derbäi? Da seet de Charel näischt, hien as nët vum ville Schwätzen.

Ma hie weess Bescheid: Dem Usch säi Papp war Eisebunner, deen ee Brudder vum Usch war och op der Bunn. Dem Usch séng Fra koum äus enger Schminnosfamill, an dem Usch säin Eelste sëtzt op der Gare an der Direktioun. Den Usch war, wéi säi Papp, vun Ufank un e streiderege Rouden, en as et och haut nach, mä e goung e puer Joer virun der Pensioun äus dem Verband raus. Doriwuer schwätzt en ni; och nët, wann en nees zwéi Pafen op der Schmier frësst, jeo-deem wat e mueres beim Nicole an der Zeitung liest.

De Charel kann eent an eent zesammenzielen: Dem Usch säin Eelsten, deen äus der Direktioun, as bei deene Schwaarzen; an deen huet dem Usch mat Hëllef vun deene Schwaarzen iirgendeppes an d'Rei gemaach, wat mat der Urechnung vun e puer Joer Léierbud fir bei séng Pensioun zesammenhänkt. De Charel gët nët sou richtig eens am Usch séngem Duurchernee tëscht Kutschebotz an dann awer Léierbud

Heinsdo, meeshtens freides, kënnt ee vun Hollerech riwwer bei d'Nicole op de Staminet; een, dee fréier och an der Direktioun war. De Charel huet séier gemierkt, datt dee vum Usch gedierzt gët, well soss seet den Usch zu all Mënsch „du“. A wann den Här Hollerich – deen heescht och nach sou! – sech bei den Usch an de Charel setzt, da changéiert den Usch den Toun; da geheit e mat techneschen Äusdréck, mat Lokomotiv- a Waggongmodelle ronderëm sech, datt een dronke gët. Dee vun Hollerech seet ni vill, mä de Charel mengt: Deen as gebäuchpinselt, wann e klenge fréieren Eisebunner nach ëmmer en hellege Respekt virun him, dem Här Hollerich äus der Direktioun, huet. Dann as vum „rouden Usch“ nët méi vill ze mierken.

Dat allerschlämmst as, wann den Usch ufänkt vun „sénger“ Eisenbunn ze schwätzen. Hien huet eng vu bal siechzeng Meter carré um Späicher ston; an do sëtzt en, wann et dobäusse reent oder schneit oder wann Dampf an der Kichen as. Een, deen näischt vu Modell-Eisebunne kennt, dee weess bestëmmt nët, wat dat alles kascht. Den Usch nennt da fierchterlech Zommen, déi hien an engem ganz bestëmmte spezialiséierte Geschäft fir eng Scheif oder eng supermodern elektresch Weich dohinner bledert. „Hei, kuck mol de Katalog! An alles vu méngem Täschegeld, mäi Jong!“

„Firwat méchs de dat dann?“, frot de Charel nach d'lescht Woch. „Hues d'nach ëmmer nët Eisenbunn genuch? Dir fällt de Plafong jo op de Kapp! Maach dach mol eng Rees, du hues d'Bunn jo fräi! Ech verstinn dat nët.“

„Da schwätzt och nët dervun“, huet den Usch gebaupst. „Komm, géi mol eng Kéier mat mer op mäi Späicher! Ech hu gësch nach zwou Barrieren an eng formidabel Schwäizer Landschaft kaaft an installéiert; mat enger Millen an souguer mat engem Stauséi! A mat enger richteger Strossebelichtung! Honnert reng Dréit a Schreiercher a Bierercher! Do muss d'extra Geschir an eng Lupp hun, fir déi anzedréien! A komm méng Rangéiergare mol kucken! Do as d'Zwickau e Fascht dergéint, Fissi! Wann s de dat geséichs, da géifs d'nët sou domm sabbelen!“

De Charel sot mol zum Nicole: „Wéisou schwätzt den Usch vun Täschegeld? En as dach Meeschter iwwert séng Pensioun!“ Mä du huet d'Nicole gemengt: „Awer nët, wann s d'e Bouf an der Direktioun an eng Schnauer am Häus hues, déi der d'hallef Rent fir de Kascht ofknäppen! Oder hues du scho gesinn, datt den Usch mir 85 amplatz 84 Frang op den Dësch leet?!“

josy braun



Archives CFL